

## **Ried Etat de la nation 2022 (30mn)**

Myriam Cecchetti – déi Lénk

12 octobre 2022

Här President,

déi Lénk hu scho säit ville Joeren vun enger **Logements-Kris** geschwat. An datt mer an eng Mauer lafen, wa mer weiderhinn dem Marché fräie Laf loossen.

déi Lénk hu scho säit ville Joeren vun enger **sozialer Kris** geschwat. Datt d'Inegalitéiten stänneg wuessen an datt et bei deenen ënneschte soziale Klasse vir an hanne net méi duergeet.

déi Lénk hu scho säit ville Joeren dat Wuert **Klima-Kris** benotzt, laang ir datt mer 2018 hei am Parlament gesot kruten, et wär net néideg **en Etat d'urgence** an der Klima-Fro auszeruffen.

déi Lénk hunn och säit ville Joeren den **Energie-Problem** thématiséiert a vun der dréngender Necessitéit geschwat, d'Energie-Transitioun sou schnell wéi méiglech unzegoen an ze vollzéien.

An déi Lénk hu scho säit ville Jore gesot, dass all dës Krisen **zesummen hänken**.

Haut ass de Begrëff vun der Kriis allgéigewäerteg.

En huet Agank fonnt an de **Mainstream-Discours**,

gëtt hei am Parlament méttlerweil vun **alle Parteie** benotzt,

genee wéi an de **Medien** oder op de **Stammdächer** vun der Natioun.

Jo, e gëtt méttlerweil souguer esou **inflationär** benotzt, datt e genee wéi déi Begrëffer **Solidaritéit** oder **Nohaltegkeet** komplett seng Sënnhaftegkeet verluer huet.

De Begrëff Kriis huet méttlerweil - an dat ass immens opfälleg - och de Wee fonnt an d'**Kommunikationsstrategie** vun der Regierung. Dem Här Bettel seng Ried gëschter war jo e Paradebeispill dofir.

**Awer net als Deel vun enger däifgräifender Analyse an als Ausgangspunkt fir en Ëmdenken.**

E gëtt méttlerweil vun de Regierungsmemberen virun allem dofir benotzt, fir **kuerfristegt politesch** Handeln ze rechtfertegen

an als **Excuse**, fir net un déi eigentlech **strukturell Problemer** mussen drunn ze goen.

Dat Wuert gëtt wéi eng Glack iwwert déi ëffentlech Debatt geluecht, rechtfertegt all Mesuren an ënnerbënnt all Diskussioun iwwert strukturell Reformen.

Virun allem awer - an dat stéisst eis besonneg op - gëtt an der Kommunikatioun vun der Regierung **eng Kriis géint déi aner ausgespillt**.

Fir just ee Beispill ze nennen :

Se erkennt op eemol d'Klima-Urgence un,

spillt se awer géint déi sozial Problematik aus,

andeems se domadder Mesuren rechtfertegt,

déi virun allem déi ënnescht Klassen treffen.

An elo rechtfertegt se Mesuren déi de Klimawandel weider unhätzen, andeems se virgëtt eng Verschäerfung vun der sozialer Lag am Land wëllen ze verhënneren.

Jo, de **Corona-Virus** an och de **kriminellen Ugrëffskrich** vu Russland géint d'Ukraine sinn aussergewöhnlech Ereignisser,

déi sou an dëser Form net viraus ze gesi waren.

Mä wat ee muss verstoen, ass datt se **just Ausléiser a Katalysateur** sinn fir Entwécklungen, déi méi **grondlegend Ursachen** hunn.

An datt déi Konsequenzen, déi se mat sech bruecht hunn, eis Bevëlkerung virun allem dowéinst esou treffen, well eise **Gesellschaftsmodell esou vulnerabel ass** géigeniwwer esou externe Schocken.

Dat wat ee muss verstoen, ass datt all d'Krisen **zesammenhänken** a nëmme kënne geléist ginn, wann een se **zesammen analyséiert an zesammen ugeet**.

Här President,

Mir hunn net eenzel Bränn, déi mer ee nom anere musse läsche goen - an dann ass gutt bis datt iergendwou aus dem Naischt dee nächste Brand entsteet.

Et ass - fir am Bild ze bléiwen - e Schwelbrand, deen ënnert der Surface stänneg lodert a wou et zwangsleefeg ëmmer nees op veschiddene Plazen nei opflackert. An dat ëmmer méi oft.

**Et ass eng eenzeg Kriis vun engem ganze System.**

Eise Wirtschaftssystem ass esou opgebaut, datt **eng kleng Minoritéit**, déi **all Lien verluer hu mam Terrain, hemmungslos Renditten** erzielt an deems se d'Aarbecht vun der Majoritéit ausbeut.

**Eise Steiersystem** ass esou opgebaut, datt en **d'Akkumulatioun vu Kapital belount an d'Aarbecht bestroft**.

D'Resultat ass, datt **d'Inegalitéiten explodéieren** an datt ganz Bevëlkerungsdeeler an der Armutt liewen - oder beim geréngsten externe Schock riskéieren an d'Aarmutt ofzerëtschen.

**D'Natur gëtt komplett der Profitlogik ënnerworf** an déi natierlech Grondlagen vun de kommende Generatiounen ginn zerstéiert. D'Resultat ass, datt d'Natur **zréckschléit**.

A Form vun Hëtzewellen, Iwwerschwemmungen oder och a Form vun enger Pandemie, déi jo entstan ass duerch d'Virdréng vum Mënsch an onberéiert Naturréim.

Eise **Wunnengsmarché** ass esou organiséiert, datt **e puer Akteuren d'Präisser diktéieren** an eng Minoritéit vu Bauhären a Propriétaires d'Renten anzitt,

während déi Aner **am Hamsterrad** dréine fir d'Loyeren an d'Immobiliekreditter ze bezuelen.

Staatlech Servicer a wichteg Infrastrukturen goufen **ofgebaut** oder **privatiséiert**.

Mir hunn déi **demokratesch Iddi net weiderentwéckelt**,

mä se am Contraire **ausgeheellegt a verkomme gelooss**.

Mir hunn **d'Individualiséierung** vun der Gesellschaft op d'Spëtz gedriwwen,

sou datt jidferen just nach no sech selwer kuckt,

während gläichzäiteg d'Leit vereinsamen an Angscht virun hirem Noper kréien.

Dëse **ganze System**, dësen eenzege Schwellbrand, deen ëmmer rëm nei Urgencen erfir bréngt, ass den Erausforderungen vun der Zäit net méi gewuess.

Mir wëssen alleguerten, datt dëss Entwécklungen, déi ech elo just kuerz ëmmiss hunn, sech net op eemol vum selwe opléisen, mä datt se wäerten ongebremst weidergoen.

Et ass e System, dee scho laang **am Koma leit** an dee just nach **kënschtlech mat stännege Kriseninterventiounen um Liewe gehal gëtt**.

Här President,

Op dëser Plaz kommen ech dann zréck op meng eigentlech Roll hei am Parlament, - nämlech d'Regierungaarbecht kritesch ze beurtheelen.

A wann ech zréckblécken op déi lescht Joren,

da gesinn ech eng Regierung,

déi stänneg am kuerzfristegen Handelen ass a keen Usaz huet,

**fir déi strukturell Problemer ze léisen.**

D'Regierung erkennt duerchaus déi grouss Erausforderungen.

E bësse spéit zwar, mä ëmmerhin.

Se wees, datt mer e Problem hunn am Logement,

bei der Aarmutt

an de sozialen Inegalitéiten

oder bei der Ofhängegkeet vun de fossilen Energien.

Se benennt déi Problemer och- wéi den Här Bettel gëschter -, schwätzt doriwwer an demonstréiert Handlungs-Bereitschaft.

Just datt dann duerno **ausser vill Rhetorik** net vill erauskënnt :

E puer Subsiden géint de Klimawandel,

eng Erhéijung vun enger Allokatioun géint d'Armutt

oder e puer nei Projeten vum Fonds de Logement géint d'Wunnengsnout.

An dat ass och net erstaunlech.

Mir hunn 3 Parteien an der Majoritéit **ouni gemeinsam Analyse an ouni gemeinsam Zukunftsvisioun.**

Mir hu net eng eenzeg Regierung déi op ee kloert Ziel histeiert,

mä 17 Ministeschen a Ministeren,

déi alleguerten an hirem Eck hir kleng Zopp kachen a sech dobäi géigesäiteg op d'Féiss trëppelen.

Se ass manifestement net amstand, déi vill Problemer zesummen ze denken an zesummen unzegeen.

Virun allem awer feelt et un der **Kreativitéit an um Courage,**

ausserhalb vun den ausgetrëppelte Wéer ze denken.

Aktuell si mer an enger Logik, wou mer probéiren sou laang wéi méiglech **e prekäre Status Quo oprecht ze erhalen,**

wuelwëssend datt eis Kanner an Enkelkanner et wäerte mussen ausbueden.

Wat mir wëllen, ass **d'Äerm eropstrëppen** an eng Politik maachen,

déi d'Erasufuerderungen unhëllt an elo d'Saachen esou ännert,

datt déi zukünfteg Generatiounen iwverhaapt nach eng Grondlag hunn hir eegen Entscheidungen ze treffen.

Dofir brauch ee **Kreativitéit a Courage,** mä et ass dëse grondlegende Wiessel, dee mer endlech an der Politik musse vollzéien.

Här President,

Näischt verdäitlech de Kollaps vum System esou däitlech wéi d'**Klimaverännerung.**

Se ass eng Gefohr fir déi mënschlech Existenz op dësem Planéit.

Se ass Ausléiser vun Dréchten, Stierm an Iwwerschwemmungen,

vun Hongersnéit a vill mënschlechem Leed.

A säit e puer Joer mierken och mir hei an eiser nach gemässeger klimatescher Zone, dass sech viles ganz séier verännert, an dat net zum Gudden.

Kee Mënsch wëll d'Klima veränneren.

Kee Mënsch schafft gezilt hin op d'Zerstéierung vu senger eegener Liewensgrundlag.

Ze soen, dass d'Mënschen sech als biologesch Spezies hiert eegent Graf aushiewen ass dowéinst och falsch.

Mä wann all Einzelnen dat net wëll, da muss et e System ginn, den eis alleguer géint eise Wëllen an de Ruin steiert.

An dee System heescht **Kapitalismus.**

D'Klimaverännerung an de moderne Kapitalismus ginn op déi massiv Fërderung vu **fossilen** Energieträger säit dem zweeten Drëttel vum 19. Jorhonnert zréck. Ugefaang mat der Kuel, dono de Petrol, méi spéit de Gas.

Dofir ass et och kloer, wat geschéie muss.

Mir müssen déi fossil Energien am Buedem lossen an a rasantem Tempo eis Energiesystemer op **Erneierbarer ëmbauen**.

Nach ni ass an der Geschicht vum Mënsch esou e fundamentalen a séiere Wandel, e Wiessel vun enger Energiequell op anerer néideg ginn.

Mir stinn dowéinst als Mënschen, an zwar alleguer, virun enger enormer Erausforderung.

Mir müsse resolut a séier schaffen, eise Courage an d'Hand huelen an nei Weeër sichen a fannen, fir dat ze bewältegen. An déi Weeër müssen eis **fortféieren vum *business-as-usual***.

Déi lescht 4 Joer Regierungsarbecht vermëttelen awer näischt vun enger Urgence an dem néidege Wandel. Villméi ass just deen ale System mat gréngem Lack iwwersprayed ginn, fir dass e manner raschteg ausgesäit. Mee d'Politik bleift à la base déi selwescht, just datt alles elo **als "gréng", "digital" a "smart"** verkaf gëtt.

### **Pur Kommunikatioun unni Substanz.**

Dass vill jonk Mënschen Angschtzoustänn hunn, eppes wat als "eco-anxiety" bezeechent gëtt, kënne mir dowéinst gutt verstoen.

Et sinn Zukunftsängscht wéinst dem wat dene bléie kéint, déi hirt Liewen op dësem Planéit nach viru sech hunn.

Mee et ass och eng Reaktioun op **d'Onverantwortlechkeet** vun der regéierender Politik hei am Land an doriwwer eraus.

Här President,

Angschtzoustänn kréie Jonker awer och aus anere Grënn. Se sinn den Ausdrock vun **existenzielle Froestellungen**, déi sech vill Leit a besonnesch och Jonker stellen.

Wunnenge si sou deier ginn, dass jonk Leit um Enn vun hirer Formatioun, nom Lycée oder nom Studium reegelrecht virun enger Mauer stinn.

E Kaf vun engem Appartement oder engem Haus ass fir si keng Optioun méi, och net no 5-10 Joer schaffen - och net mat anstänneger Paie.

Ouni eng finanziell Ënnerstëtzung vun doheem bleift jonke Leit just d'Locatioun um iwwerdeierte Marché, wëll ëffentlech Wunnenge feelen un allen Enner.

(Fir et mat engem Beispill ze weisen: eng 60m<sup>2</sup> Wunneng mat anstänneger Ubannung un den ëffentlechen Transport fënnt ee mat ganz vill Chance nach fir 1000€ Loyer. Am Reegelfall sinn et der awer méi, bis 1500€, an der Stad a rondrëm éischter 2000€ a méi. Fir dat eleng kënne ze finanzéieren, brauch e Mënsch, ob jonk oder aal, 3000-4000€ Netto Loun. Minimum.

Mee wou gi sou Salairen da bezuelt, no engem, zweek oder 5 Joer? An engem Handwierksbetrieb? Am Architektbüro? An der Industrie? Am Journalismus? Nee, natirlech net. Wann ee Chance huet krit een déi vläit no 20 Joer. Vlät! )

Wéi also kann een déi doten Entwécklung, déi mer säit ville Joren scho komme gesinn, haut anescht bezeechnen wéi **en Echech op ganzer Linn** ?

Jorelaang huet och des Regierung gemengt, se kéint mat minimalen Ausgaben fir déi betraffe Leit a parallel awer mat deelweis zolitte steierleche Kaddo'en fir d'Profiteuren vun dëser Situatioun de Problem sou mat viruschleefen. Et gouf vill uewen an der Zopp rondrëm geréiert, während ënnen um Fong alles zollitt ugebrannt ass.

Haut stellt sech d'Regierung dohinner no 9 Joer Mandatszäit a seet:

### **Mir paken elo d'Logementskris un.**

An da gi Measure présentéiert déi – sief et bei der Mobilisationssteuer fir Bauterrain oder der Reform vum Loyergesetz – potenziell an 10 bis 20 Joer ufänke **kéinten** ze gräifen, wann d'Kar nach méi déif am Dreck stécht. Virausgesat natirlech déi Reformen verschwannen téscht Walcampagne an neier Regierung net erëm am Tirang.

### **Ze wéineg. ze spéit.**

Déi desastréis Situatioun am Logement ass elo do a mir brauchen Léisungen, déi direkt gräifen.

Mir als déi Lénk hu viru 7 respektiv 5 Joer Gesetzesvirschléi fir eng Reform vum Loyergesetz gemaach.

D'Regierung huet immens laang gebraucht, bis se 2021 endlech e Projet virgeluecht huet, an dem se awer guer näischt um Ist-Zoustand geännert huet, ausser et punktuell nach en défaveur vu Locataire ze verschlechteren.

Elo bal zweek an d'halleft Joer méi spéit a kuerz viru Walen kënt eng Nobesserung. Leider huet de Logementsminister jo a vorauseilendem Gehorsam géigeniwwer Promoteuren an CSV lo scho verlaude geloss, dass Loyer'en weider monter solle klammen. Wann dat sech esou confirméiert, da wäerte mir Stuerme lafe géint des Reform!

Här President,

Wann ech virdrun vun der Präisentwécklung vun de Wunnengen am Verhältnis zu de Léin geschwat hunn, dann mengen ech domat och déi onberouegend Erkenntnis bei ville Berufsfänger\*Innen, Schüler\*Innen a Student\*Innen, datt Ausbildung, Studium an dono eng Aarbecht net méi **existenzsécherend** sinn.

Dat ass e ganz zentrale Problem fir jonk Generatiounen.

E jonke Mënsch, deen op séng Aarbecht ugewisen ass fir en Akommes ze hunn, kritt et schwéier fir d'finanziell Grondlag ze leeën fir sech a vlät eng Famill an der Zukunft.

Fréier war dat ganz anescht ewéi haut an d'Regierungspolitik fënnt keng Léisunge fir des nei Situatioun.

D'Léin verléieren insgesamt no an no u Wäert.

Déi klammend Unzuel vu Leit déi trotz Aarbecht aarm sinn (working poor), ënnersträicht dat, genee sou wéi déi wuessend Ongläichheeten tëscht Leit déi schaffen an de Leit, déi Kapital fir sech schaffen lossen.

D'Ufuerderungen op a rondrëm der Aarbecht huele stänneg zou, gläichzäiteg gëtt des Aarbecht awer och ëmmer méi pénibel a prekär. D'Entwécklung bei den **Zäitverträg an Interimszuelen** féiert eis dat virun Aen.

Mä op ville Plazen strapazéieren och déi permanent Connexion an Erreichbarkeit an d'Iwwerwaachung mat digitalen Mëttelen.

Et ass d'**Entmënschlechung** vun der Aarbecht – déi awer vu Mënsche gemaach muss ginn. Stress, Burn Out, Depressiounen an eng generell Onzefriddenheet sinn d'Konsequenzen.

Des Regierung huet op all des Froen keng Äntwerte parat.

De Mindestloun ass a bleift ze niddreg, trotz der ugekënnegter Erhéijung em 3,3%. Et muss och kloer an däitlech op dëser Platz gesoot ginn dat déi Erhéijung jo och keng nei politesch Décisioun ass, mee eng gesetzlech Virschrëft

an dëst geet bei wäitem net duer, fir de Wäertverloscht vun den déiwe Léin opzefänken. Se ass keng Äntwert op déi ëmmer méi verbreeten Aarmut an eiser Gesellschaft.

déi Lénk hunn eng Erhéijung em 300€ gefuerdert. 300€ méi Mindestloun géif net all Aarmutproblem léisen. Dees si mir eis bewosst. 300€ géife vill Stéit awer Loft verschafen an dofir suergen, dass net all externe Schock direkt op all Stot am Niddreglounsecteur esou duerchschréit, wéi elo grad an der Energiekris.

Donieft hätt onbedéngt missten **d'Kannergeld retroaktiv reindexéiert** ginn, sou wéi mir et mat engem Gesetzesvirschlag gefuerdert hunn. D'Famillje mat Kanner, besonnesch mat 2 oder 3 Kanner sinn am meeschte vun Aarmut betraff. D'**Kanneraarmut** erreecht zu Lëtzebuerg erschreckend Ausmassen, all véiert Kand ass dovunner betraff.

(An eiser Propose hätt eng Famill mat zwee kleng Kanner haut all Mount 60€ méi um Konto. Déi 60€ wieren fir vill Leit ganz wichteg.)

Bei der Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen gouf et guer keng Annonce. D'Aarbechtszäitverkierzung gouf an engem Wuert a Verbindung mat enger Etüd genannt, déi sech an déi laang Lëscht vun aneren Etüden aschreift. Punkto Stärkung vun de Kollektivverträg koun och keng eenzeg Ausso, wuelwësend, dass ganz vill Verbesserungen vun den Aarbechtsbedéngungen iwwer Kollektivverträg kënnen duerchgesat ginn. Ronn 50% vun de Salaré'en zu Lëtzebuerg sinn awer net an engem Kollektivvertrag.

Här President,

**Anstänneg Léin an e staarke Sozialstaat** sinn d'Garanten fir duerch Krisen ze kommen. A se sinn en Dar am Aan vun deenen Interessen, déi duerch Récksiichtslosegkeet a Profitgier des Krisen ausléisen.

D'Klimaverännerung an d'Noutstänn, déi se ausléist, sinn e gutt Beispill dofir. D'Energiekris an där mir haut stiechen ass och mat eng Konsequenz dovunner. Iwwer Joren, jo Jorzéngte, gouf gewarnt, vu politescher Säit ëmmer erëm vill versprach an annoncéiert. Mee geschitt ass net vill.

D'Zopp leffele lo déijéineg aus, déi duerch Ofwäertung vu Léin a schlächendem Sozialofbau schon am meeschte betraff waren a sinn.

Virun e puer Deeg koum eng Recherche an der Süddeutsche Zeitung eraus, déi weist, dass an Däitschland **déi 10% mam héchsten Akommes souvill Energie verbrauchen wéi déi 40% mat den déifste Revenuen**. Des Ongläichheet ass zu Lëtzebuerg bestëmmt genee sou present, wann net nach méi staark. Et sinn also déi Stéit, déi am mannsten Zäregasen ausstoussen, déi elo bei d'Lisette geloss ginn.

D'Regierung dréit dëser Realitéit an hirer Krisegestioun iwwehapt net Rechnung. Am Géigendeel souguer.

Eng Präisdeckelung fir de Grondverbrauch an eng Staffellung vum Präiss fir Energie gëtt mat problemateschen Argumenter ofgelehnt.

Scheinbar kënne Stéit mat Elektrogefier a Wärmepumpelen, déi vun der Deierécht op fossilen Energien am Alldag guer net méi betraff sinn an des Uschafungen och mat staatlecher Subventioun kaf hunn, net elo e puer Euro méi fir de Stroum ausginn.

Dass parallel awer Stéit, déi haut schon extrem héich Präisser fir Gas a Mazout bezuelen, sech all des Uschafungen guer net leeschte konnten, schéngt an den Iwwerleeungen vun der Regierung guer keng Roll ze spillen.

Wa mir als Gesellschaft d'Klimaverännerung stoppen an hiren Impakt offiere wëllen, da féiert fir déi Lénk kee Wee dolaanscht, fir de **Grondbedarf** bei der Energie, wéi awer och bei anere Gidder a Servicer, zum Beispill bei der Waasserversuergung, fir jiddereen ze garantéieren an dat och öffentlech ze subventionnéieren an ofzesécheren.

### **D'Recht op Energie muss fir jidderee gëllen.**

Ausgoend vun deem Prinzip müssen iwweerméissege Verbrauch a Verbëtze vun Energie, zum Beispill fir d'Beliichtung vun digitale Werbeflächen, der Autobunnsbeleuchtung oder fir séiert Autofueren ënnerbonne ginn. Déi lescht puer Wochen hunn och gewisen, dass séier Energieaspuerungen méiglech sinn. De Premierminister huet gëschter gesot, dass déi 15% Aspuerung wéi vun der EU gefrot schon am September erreecht waren. Dat ass begrëssenswäert. Allerdéngs stelle mir eis d'Fro: wann dat esou séier méiglech ass, wou waren dann esou Aspuerungen an de leschte Joren? Muss et d'Menace vun der temporärer Schléissung vu Betriber ginn, fir dass d'Regierung sech bewegt? Geet de Planéit dee brennt net duer?

Här President,

**De gemeinsamen, verantwortlichen Ëmgank** mat Energie muss also an eisen Aen d'Grundlag ginn fir d'Energiepolitik.

Déi öffentlech Subventionnéierung vu fossilen Energien, déi elo massiv bedriwwe gëtt, kann op deem Wee scho reduzéiert ginn.

Fir ganz domatter opzehalen muss parallel vill méi an den Ëmbau vun eisem Energiesystem gesat ginn, ugefaang bei der **Renovatioun** vun de Gebäier.



Mir schloen dowéinst wéi säit gutt 5 Joer scho vir, dass mer op de Wee vun enger **proaktiver opsichender Renovatiounspolitik** kommen an dass d'ëffentlech Virfinanzéierung no sozialen Critèren zur Regel gëtt bei energetesche Renovatiounen. De Premier huet elo – nodeem eng méi sozial Staffellung vun den Aiden schonn agefouert gouf – e weidert Element vun eiser Propose iwweholl an zwar de Remboursement vum Prêt mat dem agespuerte Geld beim Energieverbrauch. Dat ass gutt, mee wierklech interessant gëtt et réischt wann aus ëffentleche Quellen finanziert gëtt an d'Gemengen méi aktiv ginn.

Den Ausbau vun den erneierbaren Energien ass déi zweet Prioritéit an ass jo och ganz staark verbonne mat de Gebäier. Hei gouf sech ganz op d'privat Initiativ an d'Betriber verlooss, mee déi lescht Joren hunn eis jo däitlech gewisen, dass déi Rechnung net opgeet. De Staat an d'Gemengen müssen hei eng vill méi staark Roll spillen.

D'Annoncen bei der Photovoltaik ginn dofir an eisen Aen an déi richteg Richtung. Mir soen säit Joren schonn hei, dass vill méi ëffentlech Investitiounen an erneierbar Energie musse fléissen. Bedauerlech ass just, dass de Premierminister feststelle muss dass – ech zitieren – „De Planéit brennt“ – bis e bereet ass aner Weeër ze goen. Do gesi mir dann wat liberal-ideologesch Verblendung an ze spéit Asiichten mat eisem Planéit maachen. A wéi engem onverantwortleche Risiko des Usiichten eis aussetzen.

Mir müssen eis Zukunft all zesummen an d'Hand huelen an net jiddereen eleng a séngem Eck.

Den Ufank soll endlech op ëffentlechen Diecher gemaach ginn, mat iwwehall Solarpanneaux'en, wou et sännvoll ass. Mä doriwwer eraus bidden déi dezentral erneierbar Energiequellen awer och d'Méiglechkeet, dass d'Gemengen a Biergerkooperativen vill méi staark an d'Energieproduktioun eraklammen. Do gëtt et einfach immens vill Potenzial, dat haut net genotzt gëtt.

Här President,

De Budget 2023 ass de Moien réischt déposéiert ginn a mir hate natierlech nach keng Zäit eis dat am **Détail sérieux** unzekucken. Och sinn eng Reih fiskal Mesuren ugekënnegt ginn, déi een réischt seriéis kann diskutieren, wann een déi entspreichend Gesetzestexter analyséiert huet. Ech well dofir op dëser Plaz just e puer ganz allgemeng Remarque maachen, wat déi Ukënnegungen ugeet :

Mir si ganz frou, dass d'Regierung d'Investitiounen wëll weider héisch halen, a begréissen dat och ausdrécklech. D'Investitiounen ze senken, dat hätt bedéit d'Zukunft vum Land op d'Spill ze setzen. Mir begréissen och méi speziell zwou steierlech Mesuren: déi zum Crédit monoparental an déi zum Amortissement accéléré.

Et ass wichteg de Crédit monoparental an d'Luucht ze setzen a mir hunn dat hei och scho méi laang gefuerdert. Dat ass fir déi betraffe Leit sécherlech eng Hëllef. Mä et soll een sech dobäi net der Illusioun hirginn, dass de Problem domadder aus der Welt geschaf ass. Den héijen Aarmuttstaux bei de Monoparentauxen ass e multidimensionale Problem, wou notamment de Logement eng ganz grouss Roll spillt. Et muss een dee Problem ganzheetlech ugoen a net mat eenzelne klenge Mesuren.

Déi zweet Ukënnegung déi ech wëll kommentieren, betrëfft den Amortissement accéléré. Och dat hu mir hei schonn säit Jore gesot, dass do onbedéngt muss eppes geschéien. D'Regierung huet laang gezéckt a kënnt elo mol drop, dass domadder masseweis Abus bedriwwe gëtt.

Léiwer spéid wéi nie, mä och do feelt eng déifgréifend Analyse.

Mam Amortissement accéléré belount de Staat déi, déi a Wunnengen investéiren fir ze verlounen.

Et muss een den Invest a Wunnengen net mat Milliounen ferderen, well dat ass net de Problem. Et gött vill zevill a Wunnengen investéiert, just fir eng Rent erauszéien. Dat schaaft eng kënschtlech Iwwer-Demande an dréiwit d'Präisser an d'Luucht esou datt déi Leit déi wëllen investéiren fir tatsächlech drann ze wunnen, sech naischt méi kënne leeschten. An déi mussen da mat hirem Loyer deene Leit hir Haiser bezuelen, déi de Staat mam Amortissement accéléré och nach subventionéiert huet. Dëss Mesure gräift dofir an eisen Aen ze kuerz, och wa mer se vum Prinzip hir begréissen.

Här President,

Et gehéiert awer och zum Etat de la Nation, datt een déi budgetär Situatioun kommentéiert. An do muss e natierlech feststellen, datt d'Regierung an der leschter Zäit vill Suen huet missten an de Grapp huelen, och wann sou munch déck Ausgaben eiser Meenung no net hätte misste sinn.

Sie ass mat hire Krise-Mesuren wéi mat der Stränz iwwert dat ganz Patronat gefuer, zemoos mat der Kompensatioun fir déi verréckelt Index-Tranche am Juli.

A wéi de leschten Tripartite-Accord virgesäit, huet se wëlles bei der nächster Index-Tranche nach eng Kéier mat der Stränz driwwer ze fueren.

Egal ob et e klenge Betrib ass deen tatsächlech a Schwierigkeeten ass, oder eng grouss Boîte déi trotz Krisen-Zäiten déck Profitter verzeechent.

A mir si scho gespannt drop, wéivill Milliounen datt dëss déck Entreprises dësst Joer un hir Aktionären ausbezuelen.

D'Resultat ass, datt déi ëffentlech Finanzen zimlech strapazéiert goufen an datt dat Lach viraussichtlech d'nächst Joer nach méi grouss gött. An d'Fro ass, wien dat soll bezuelen. (Nom Motto Wer soll das bezahlen? Wer hat das bestellt?)

Mir si keng Scholde-Fetichisten. Mir waren dat och net während der Euro-Kriis virun e puer Joer, wou hei am Parlament nach quasi all Partei nei Scholden als Weltënnergang beschriwwen huet an dem Land en onnéidege Spuerpak verpasst huet.

Wann et gerechtfertegt ass, dann ass et keen Drama nei Scholden ze maachen.

Mä et muss een sech ëmmer bewusst sinn, datt domadder ons Kanner an eis Jugend belascht ginn.

Och wann et allemool besser ass, wéi zum Beispill d'Investitiounen erofzefueren, well domadder hëllt een eise Kanner a Jugdlechen carrément hir Zukunft ewech.

Mä wéi mir dat hei och scho gesot hunn, si nei Scholden awer fir eis just déi zweetbescht Optioun.

Déi besser Léisung ass, déi verméigend Klassen an déi grouss Betriber mat décke Bénéficer elo direkt méi an d'Verantwortung ze huelen.

Eng Krisesteier op héije Revenuen an héije Profitter géif substantiell zousätzlech Recetten an d'Staatskees spullen, déi elo dréngend gebraucht ginn.

A vill Leit mat héije Revenuen géifen dat och verstoen an akzeptéieren, well se net wëllen an engem Land liewen, wou hire Noper sech muss tëscht heizen an iessen entscheiden.

Domadder géif een en Element vu **wirklecher Solidaritéit** hei am Land aféieren an et wär och e wichtegt Signal un d'Bevëlkerung. Souguer de Chef-Ökonom vun der Europäescher Zentralbank plädéiert méttlerweil fir eng méi staark Besteuerung vum Räichtum, souwuel aus makroökonomesche Grënn, wéi aus Grënn vu Gerechtegkeet.

Mä manifestement feelt och hei de politesche Courage.

Oder et ass och vläit just ideologesch Sturheet. An domadder bléift d'Fro och weiderhin op, wien da lo schlussendlech d'Rechnung muss bezuelen.

Egal wéi wär et awer och mat esou enger Krisesteier net geden,

well mir brauchen strukturell Reformen an eisem Steiersystem mat dem Ziel, méi Gerechtegkeet ze schafen.

**Déi schaffend Leit sinn d'Mëllechkéi vun der Natioun**, während déi grouss Verméigen op skandaléis Art a Weis geschount ginn. De jonke Beruffsfüanker gëtt op all Cent besteiert, während Multipropriétaires an Aktiebesëtzer grosszügeg Steuerprivilegie genéissen.

Déi kleng Betriber ginn op all Cent besteiert, während multinational Konzernener mat effektive Steiersätz ënner 5% ewech kommen oder a ville Fäll guer keng Steiere bezuelen.

Mir hunn e Steiersystem, **deen d'Aarbecht bestroft an de Räichtum belount**. Dat ass net ze rechtfertegen.

An ech soen et hei nach eng Kéier kloer an déitlech, well der DP hir Excusen dobaussen vill ze oft onkommentéiert nogeplappert ginn:

Et brauch ee kee budgetäre Spillraum ze hunn fir eng strukturell Steuerreform ze maachen, déi fir méi Gerechtegkeet suert!

Au contraire, et kann een domadder souguer fir zousätzlech Recette suergen.

Budgetäre Spillraum brauch ee just, wann een eng Steuerreform à la DP wëll maachen, nämlech eng Tournée générale just virun de Walen.

An deem Kontext begréissen ech et och, datt d'LSAP op eemol rëm hiert sozialt Gewëssen entdeckt huet an elo fir eng gerecht Steuer-Reform plädéiert.

Ech wëll se awer drunn erënneren, datt sie elo 18 Joer onënnerbrach an der Regierung sëtzt an hir dat an där ganzer Zäit anscheinend ziemlech egal war.

Mä besser spéid wéi nie a mir sinn da mol richtig gespannt, wat se dann elo an deenen 12 Méint bis bei déi nächst Walen nach ëmsëtzt.

Här President,

Eng Regierung am Krisemodus, déi andauernd probéiert iwverall Pompjee ze spillen an dobäi grondleeënd Problemer ignoréiert oder net méi gesäit, verléiert fréier oder spéider de Bezuch zum Vollék.

Ech wëll dofir nach eng weider Fro uschwätzen an zwar déi vun der **Demokratie**.

déi Lénk hu scho säit ville Joer ënnerstrach, datt den aktuellen politeschen System een **Demokratiedefizit** opweist.

Wann een haut op eis Gesellschaft kuckt, muss ee feststellen, datt et zum Beispill net nëmmen un effektiven Méiglechkeeten **vun direkter Bedeelegung an Matbestëmmung feelt**. Dobäi kennt, datt ee groussen Deel vun der Populatioun net un den legislativen Walen deelhuefen dierf

Anescht wéi bei den Kommunalwalen - wou endlech d'Wunnsätzklausel ewechfällt - bleiwt op nationalem Niveau d'Situatioun also déi, datt vill Awunner\*Innen net direkt d'Gesellschaftsvertrieder\*Innen matbestëmmen kennen – an dat bei enger Gesellschaft **wou 47.1%** net déi lëtzebuergesch Nationalitéit huet.

Vereinfacht gesot : Aktuell wíelt eng Minoritéit, aus enger klenger Auswahl vun Persounen déi puer aus, déi dann d'Reegelen fir d'ganz Gesellschaft élaboréieren an votéieren.

D'Konsequenz ass e ganz eeschte Problem **un demokratescher Legitimitéit**. Hätt d'Regierung politeschen Courage, dann géif sie dës Erkenntnis seriö huelen.

Här President,

Wann een haut awer op d'Mandatszäit vun der Regierung zeréck kuckt, dann fällt den Bilan am Beräich vun der Stärkung vun der Demokratie ernüchternd aus, ugefang mam Referendum vun 2015.

Engersäits woar d'Informatiounscampagne schlecht virbereet, ze kuerz an ze spéit.

Anerersäits - an dat ass ëmsou méi problematesch - ass een net mat den Leit op Aanhéicht an een Dialog getrueden.

Wéi och ëmmer, et gouf d'Chance vun engem konstruktiven Debat verpasst. En plus – an dat ass geféierlech – huet dëst Verhalen et verschiddenen Acteuren einfach gemaach, d'Ängschte vun de Leit fir hir eegen Zwecker ze instrumentaliséieren.

D'Regierung huet awer manifestement net doraus geléiert. Stéchwuert "Verfassungsrevisioun".

Amplaz dës Kéier een wierklechen öffentlechen Debat ze förderen an den Text ënnert enger echter Abezéiung vun den Bierger auszeschaffen, ass d'Verfassungsrevisioun ëmmer méi zu engem reng politeschem Schauspill am kléngen Krees tëscht den Majoritéitsparteien an der CSV ginn.

D'Resultat ass een Text deen der grousser Ukënnegung vun enger substantieller Revisioun net gerecht get an sou den aktuelle gesellschaftleche Realitéite net Rechnung dréit.

Politeschen Courage – nee, éischer eng absolut Noutwennegkeet fir eis sozial Kohesioun ze stärken – wier gewiercht genee sou Froen gesellschaftlech definéieren ze loossen, souwéi d'Äntwerten explizitt an d'Verfassung ze schreiwen. Dësen öffentlechen Debatt hätt nom Grondprinzip stattfannen missen, datt jidferen deelhuefen kann – eben och grad déi Persounen deenen hier « dignité » am meeschten bedroht ass.

Här President,

Mä net nëmmen bei der Verfassung weist d'Regierung e komescht Verhältnis zur Demokratie.

D'Parlament gëtt ëmmer méi dégradéiert zu enger Ofstëmm-Maschinn. D'Majoritéit setzt sech net méi mat den Argumenter vun der Oppositioun ausernee, mä votéiert einfach dergéint.

Wichtig Texter gi mol fir d'éischt un d'Press geschéckt an dann duerno iergendwann un d'Parlament.

D'Äntwerten op parlamentaresch Froen falen ëmmer méi launesch aus an d'Demande vun den Députéierten fir Dokumenter kënnen anzegesinn ginn einfach ignoréiert,

genee esou wéi d'Demande vun der Press fir e richtegt Informatiounsgesetz.

(Den feelenden politeschen Courage vun der Regierung am Beräich vum direkten Matsproocherecht nei Weeër ze goen weist sech och beim Klimabiergerrot.

Ugekënnegt als « een innovativen demokrateschen Projet, ewéi et en an där Form zu Lëtzebuerg nach net gouf »,

mee et huet sech schnell gewisen, datt och dës Initiative – ënnert dëser organisatorescher Form – nët déi grouss Erneierung un direkter demokratescher Partizipatioun wier.

Fir just e puer Beispiller un Kritiken ze nennen déi mat der Zäit ëmmer méi haart goufen :

Et gouf vun engem vum Staatsministerium definéierten ze straffen an strikten Kader geschwat, vum Drock zu schnellen Resultater ze kommen an eben vun den Organisatoren ausgewielten Experten. All dat hannerléisst nawell eng Skepsis wéi fräi den Klimabiergerrot wierklech schaffen konnt.

Dobäi kennt d'Ongewëssheet wéi et dann elo mat den ausgeschafften Virschléi weidergeet – zum Beispill feelt eng Obligatioun begrënnen ze mussen firwat eenzel Virschléi net ëmgesat ginn.)

Här President,

Ech hunn um Ufank vu ménger Ried der Regierung de Courage ofgeschwat fir déi richteg Äntferten op d'Froen vu ville Leit ze ginn.

De Courage fir de Klimaschutz als akut Menace fir d'Mënschheet ze gesinn an dementspreechend ze handelen.

De Courage fir an der Logementspolitik de Status Quo haut ze veränneren, fir dass jonk Leit muar eng bezuelbar Wunneng fannen.

De Courage fir d'Akommessituatioun vu Kléngverdänger substanzuell ze verbesseren an der wuessender Aarmut e Stoppschëld ze setzen.

De Courage fir eng Steierpolitik op de Wee ze bréngen, déi d'Sue bei de ganz Räichen an den décke Profitter hëlt fir se an eng liebenswäert Zukunft fir eis alleguer z'investéieren.

De Courage fir all de Bierger\*Innen d'Chance op eng reell Matsprooch ze ginn, fir esou och de kollektiven a solidaresche Geescht an der Krisebewälteung ze stäerken.

D'Erausforderungen sinn enorm grouss, dat ass eis bewusst, mee se sinn net onméiglech ze meeschteren.

Et gëtt kreativ Léisungen op all des Problemer a se ginn och deelweis scho gelieft an ëmgesat, sief et hei bei eis vu sozialen an ekologeschen Initiativen, an der Solidarwirtschaft, um lokalen an um nationale Plang. Mee och am Ausland a Stied, déi d'Logementsproblematik wierklech uginn an net fäerten deem engem oder anere dobäi op d'Féiss ze trëppelen.

Oder a Regiounen, wou d'Energieproduktioun erëm zrëckkënnt an d'Hand vun de Bierger\*Innen, iwweër ëffentlech a kooperativ Initiativen an déi eis de Wee weisen an eng demokratesch Energiezukunft.

An der Gesellschaft rumouert et, d'Leit engagéieren sech, se si sech dem Eescht vun der Situatioun bewusst a bauen schonn un Alternativen zum besteende System, eraus aus der Sakgaass an deen en eis gefouert huet.

Déi richteg politesch Iddi'en a Mesuren sinn do,

se musse just dat néidegt Gehéier an der Politik fannen.

D'Regierung awer zéckt, bleift bei Hallefléisungen an übleche Rezepten. Se sicht ëmmer nom klengste gemeinsamen Nenner a verdedegt domat noutgedrongen de Status Quo, de Stëllstand.

Mir brauchen awer Bewegung...

A mat dëser Regierung komme mir net méi a Bewegung.

Merci fir d'Nolauschteren.